piraten.lu

PIRATEN

Dépôt: CLEMENT Sven

Lëtzebuerg, den 07/07/2026

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- datt d'Elteren, deenen hir Kanner am Schouljoer 2026/2027 an de Cycle 1.2 kommen, d'Wal vun der Alphabetiséierungssprooch (Franséisch oder Däitsch) fir hiert Kand elo treffe musse
- datt de wëssenschaftleche Rapport vum Lucet (Luxembourg Centre for Educational Testing), deen d'Resultater vun de Schüler zwee Joer no der éischter Pilotphase vum Projet Alpha auswäert, laut dem Sëtzungsprotokoll vum Steering Committee schonn zënter Februar 2026 fäerdeg ass
- datt d'Publikatioun vun dësem Rapport op Decisioun vun de stëmmberechtegte Memberen aus dem Bildungs- an Héichschoulministère bis Mëtt Juli 2026 ënner Embargo gestallt gouf, ouni datt de Lucet selwer, dee kee Stëmmrecht am Steering Committee huet, dëser Decisioun zougestëmmt huet;
- datt d'Eltere bis de 9te Juli eng zentral Entscheedung fir déi schoulesch Zukunft vun hire Kanner treffen, ouni Zougang zu deene rezentste wëssenschaftlechen Erkenntnisser ze hunn, déi extra fir dës Entscheedungshëllef erhuewe goufen;
- datt dëst Virgoen d'Vertrauen an d'Transparenz an d'Onofhängegkeet vun der wëssenschaftlecher Begleedung vun der Bildungspolitik a Fro stellt

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. de Rapport vum Lucet zum Projet Alpha innerhalb vu 24 Stonnen ëffentlech ze publizéieren, sou datt d'Elteren op enger informéierter Basis decidéiere kënnen.

Sven CLEMENT

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Marc Goergen